Äntwert vun dem Här Premierminister, Staatsminister, a vun der Madamm Gesondheetsministesch op d'parlamentaresch Fro n°4116 vum 19. Abrëll 2021 vun dem honorabelen Här Deputéierten Jeff ENGELEN iwwert d'Berücksichtegung vum Avis vum behandelnden Dokter bei der Impfung géint COVID-19.

Zur Fro 1:

D'Prozedur gesäit am Moment fir datt eventuell Attester déi vun engem Dokter geschriwwe sinn am Impfzenter ausgewäert ginn, dat en fonction vun de Reegelen a Contre-Indikatiounen, déi vun de Gesondheetsautoritéite festgeluecht goufen. Dëst baséiert ob enger individueller Analys déi sech net an den automatesche Reservatiounssystem abaue léisst.

Zur Fro 2:

D'Verdeele vun den Impfdosen gëtt gréisstméiglech proportionnell tëschent den Impfzentere gemaach. Eng Rei Fakteuren, déi een Afloss op dës Verdeelung huelen, mussen awer hei berücksichtegt ginn. Hei handelt et sech besonnesch ëm d'Quantitéit vun de jeweils geliwwerte Vaccinen, ëm d'Unzuel vun de Rendez-Vousen déi effektiv an engem Impfzenter geholl goufen an ëm d'Kapacitéite vun de jeweilegen Impfzenteren. Am Prinzip gëtt probéiert, net méi ewéi dräi verschidden Impfstoffer gläichzäiteg an engem Impfzenter ze benotzen, dat well all Impfstoff no enger anerer Prozedur muss preparéiert ginn a fir esou de Risiko vun engem Feeler ze verréngeren. Dat schléisst awer net aus, datt all Impfstoff an all Zenter verfügbar ass.

Zur Fro 3:

Op den Dag vum 17. Mee 2021 huet Lëtzebuerg nach folgend Dosen am zentrale Stock, respektiv an dem Stock vun den Impfzenteren:

- Pfizer: 8.286 Dosen;
- AstraZeneca: 16.070 Dosen;
- Johnson: 4.945 Dosen;
- Moderna: 6.290 Dosen.

Zur Fro 4:

Esoulaang déi verfügbar Impfdosen knapp sinn, kënnen d'Leit de Vaccin net raussichen. D'Decisioun ob eng Persoun net mat engem bestëmmte Vaccin ka geimpft ginn, gëtt am

Impfzenter geholl. Dat wäert méi einfach ginn ab deem Moment wou d'Vaccinatioun och an den Dokterpraxise ka gemaach ginn. Am Prinzip ass et esou datt an all Impfzenter suwuel Vaccinen, déi ob RNA Technik baséieren, ewéi och Vaccinen, déi ob Vektorbasis fonktionnéieren, disponibel sinn.